57ten Weltmeeschterschaft am Boot Fëschen Albufeira Portugal vum 24.09 bis 01.10.2022

Bericht vum 21. September 2022 vum Giovanni Micucci

Eis Equipe besteet aus: Jungers Henri, Schaaf Steve, Stempel André, Royer René, Micucci Giovanni (Kapitän) Accompagnatrice Stemper Tessy, Reserve Padjen Jessica. Tessy an den Änder hunn sech déi laang Rees fir an Algarve mam Auto op sech geholl an sinn den 19ten September zu Albufeira ukomm. De Steve, Henri, René, Jessica an Giovanni sinn den 20ten September mam Fliger geflunn. Jiddereen ass gutt ukomm an den Hotel ass esou weit ganz Ok wou mir ënnerbruecht sinn.

Haut um Mëttwoch 21ten haten mir den éischten Trainingsdag. D' Wieder huet sech vun der beschter Säit gewisen an Fësch waren och um Rendez-vous. Et goufen vill Sparideen gefaangen an Räien waren och dobäi. Mir haten haut en schéinen Trainingsdag an vill Fësch, esou kann et weider goen.

Muer den 22ten hunn mir den zweeten Trainingsdag .Mir probéieren dann och aner Waasser Déiften an aner Monturen .

Ech mellen mech dann muer erëm eng kéier.

Fotoen vun der WM op: https://photos.app.goo.gl/s8x7JDsKh3rwaUFZ6